N°8269
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.08.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Leit, déi eng Deierungszoulag (allocation de vie chère) ufroen, si verflicht dem nationale Solidaritéitsfong déi integral Revenue vun hirem Stot matzedeelen. Op Guichet.lu kënnen d'Leit nokucken, bis zu wéi engem Plaffong si kënne vun däser Hëllef profitéieren a wéi eng Forme vun Akommes si bei der Berechnung am Eenzele musse berécksiichtegen. Indemnitéiten, déi een am Kader vun enger fräiwëlleger Aktivitéit, beispillsweis als Arbitter am Sport ausbezuelt kritt, ginn net genannt.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, gouf e Bierger allerdéngs lo genee mat där Fro konfrontéiert a gebieden, ze motivéieren, firwat hien seng Indemnitéit aus dem Benevolat bei senger Demande bis ewell net mat uginn hat.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Sozialminister gär dës Froe stellen:

1) Zielt eng Indemnitéit, déi een am Kader vun engem Benevolat bezuelt kritt, zum Akommes vun engem Stot, wann een d'Deierungszoulag ufreet? Falls jo, kann den Här Minister da preziséieren, op wéi enger legaler Grondlag an a wéi engem Wuertlaut dës bis ewell op MyGuichet genannt gëtt? Ass gegeebenefalls dru geduecht, fir d'Beschreiwung vun de Krittäre bei der Deierungszoulag ze iwwerschaffen, fir Mëssverständnesser ze vermeiden?
2) Kann den Här Minister matdeelen, op déi genannt Indemnitéit am Sënn vun der Fro virdru bei enger Demande fir de Revis ze berécksiichtegen ass, vu, datt dës op MyGuichet aktuell och hei net genannt gëtt?
3) Hält den Här Minister et allgemeng fir ubruecht, esou Indemnitéiten am Kader vu Sozialleeschtungen ze verrechnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten